



► **M. le Président.**- Ech soen dem Wirtschaftsminister Merci. A mir kéimen elo nach zu enger lescher urgenter Fro, déi vum Här Adam gestallt ginn ass a wou d'Urgenz unerkannt ginn ass, un de Wirtschaftsminister, wat gewëssen Attaques informatiques u Google betrëfft. Här Adam, Dir hutt d'Wuert.

4. Question urgente N°389 de M. Claude Adam relative à la faille de sécurité détectée dans Internet Explorer

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Merci, Här President. Här Minister, Google huet d'lescht Woch annoncéiert, d'Zil vun Cyber- an Hackerattacken vu China aus gewiescht ze sinn. D'Hacker hu Sécherheitslücke beim Internet Explorer ausgenutzt fir hir Attacken. An déi Sécherheitslücke maachen et anscheinend méiglech, déi komplett Kontroll iwwert de PC ze kréien.

Beträff si plus ou moins all Versionne vun Internet Explorer, also souwuel méi aler wéi och ganz rezenter. An doropshin huet zum Beispill d'Bundesamt für Sicherheit in der Informationstechnik an Däitschland an de Centre d'expertise gouvernemental de réponse et de traitement des attaques informatiques a Frankräich recommandéiert, fir op aner Navigateurs auszeweechen.

Zu Lëtzebuerg ass zënter kuerzem och um Site vu CASES Luxembourg eng Warnung, wou Rieds geet vun enger „Vulnérabilité extrêmement critique“ a wou drop higewise gëtt, et soll een eng aner Sichmaschinn benotzen. Vu datt Internet Explorer eng Part de marché vun ongeféier 63% huet, si wahrscheinlech och zu Lëtzebuerg ganz vill Privatleit, Betriber an Administratiounen beträff.

An duerfir, Här Minister, géif ech lech gären e puer Froen an deem Kontext stellen. Si speziell Mesurë geholl ginn, a wa jo, wéi eng, fir déi öffentlech Administratiounen ze schützen?

Sinn déi öffentlech Verwaltungen an Institutiounen an och d'Chamber direkt gewarnt ginn? Wann dat de Fall war, kann een dervun ausgoen, datt an deene Verwaltungen an Institutiounen elo och effektiv aner Navigateurs genotzt ginn? Wéi ass et ëm d'Online-Sécherheet vun Entreprises a Privatpersounen zu Lëtzebuerg gestallt?

De Message vu CASES ass op de 15. Januar 2010 datéiert, mä en ass awer eréischt den 19. Januar owes respektiv den 20. iwwert déi geschriwwen Press diffuséiert ginn. Misste mir eis net am Zäitalter vun Internet d'Méiglechkeet ginn, öffentlech Kommunikatiounen méi schnell kënnen virunze ginn, fir d'Leit ze informéieren an ze warnen?

Ech soen lech Merci.

► **M. le Président.**- Den Här Wirtschaftsminister huet d'Wuert.

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass richtig, dass CASES schonn de 15. Januar eng sougenannten Alerte rouge du type extrêmement critique erausginn huet - dat ass op der Skala vu 5 den Niveau 4 -, an zwar well ee Logiciel, an deem Fall den Internet Explorer, ganz staark menacéiert war.

Et kann een dovun ausgoen, effektiv wéi Dir gesot hutt, dass bis zu 60% vun de Leit am Moment den Internet Explorer gebrauchen an dass déi aner Versionen, d'Versioun 8 a Versioun 7, zu deem Zäitpunkt net a Gefor waren. Neen.

Wat geschitt ass, dat ass, dass den 18. Januar... Et war d'Versioun 6, déi héchstens a Gefor war; an dat sinn - ech muss kucken - ongeféier 13%. Déi waren a Gefor, an eng Alerte ass komm op déi. Den 18. Januar ass awer dunn eppes geschitt, wat ganz nei ass am Fong geholl. Do ass e Code, deem d'Versioun 7 an 8 beaflosst, dat heescht, wou een déi „malware“ kann eraspillen, publizéiert ginn.

Dat heescht, dee Code, dee bis dohinner net bekannt war, dee war am Fong geholl jiddwerengem zougängelech an huet dann och doriwwer eraus am Ufank op 7, 8 net gegräff. Am Ufank huet en op 7, 8, sou-

guer wéi de Code bekannt war, net gegräff. An eréischt duerno op eemol hunn eenzel schlau Käpp erausfonnt, wéi se dat géife maachen, fir dass en och do géif gräfen.

CASES ass eng Administratioun, wann een esou wëllt, am Wirtschaftsministère, déi awer elo säit Joren amgaang sinn, d'Leit drop hinzeweisen, Privatleit an d'Betriber, d'Schüler. Si ginn an d'Schoulen. Et ass keng Septième méi haut, déi net iergendwou mat CASES ze dinn hat, a wou d'Leit vu mengen Service net laanschtgaange sinn, fir d'Kanner schonn um fréien Zäitpunkt opmierksam op d'Geforen ze maachen.

Mir maachen datselwecht permanent mat de Betriber. Mir hunn elo zesumme mam Sigi och eppes gemaach, fir dass mer an deem Beräich - d'Gemengen - och déi ganz Opklärung iwwert d'Cyberkriminalitéit an d'Geforen, déi domadder zesummenhänken, wou mer e GIE gegrënt hunn, do weiderdreien. Dat war guer net evident am Ufank. An ech hoffen, dass d'Gemengen och largement dovunner Gebrauch maachen.

Wéi reagéiert ginn ass vu Säite vun den Administratiounen, mengen ech, beäntwert d'Madame Modert.

Wat ech ka soen, dat ass, dass RTL op hir Initiativ hin higaangen ass, a CASES, déi Menacen, déi si uginne hunn op Internet, dat weiderrelayéiert hunn. A mir hunn eng Konklusioun aus där heiter Saach gezunn: Mir maachen en Accord elo mat RTL, fir dass RTL iwwer SMS an iwwer hiren Internet-Site, deem awer méi besicht ass wéi dee vu cases.lu, dass déi Alerten do weidergeleet ginn.

Dat ass dat Eenzegt, wéi mer kënnen funktionéieren. Dat heescht, dass een éischter d'Alerte kritt. Nach mussen d'Leit och do runner gleewen. Dat ass nämlech ee weidere Problem. CASES warnt scho wéi laang. A wéi gesot, vum 15. Januar aus un hu se dräi Deeg laang gewaart: Pass op, do ass eppes ënnerwee.

Schonn oft sinn esou Messagë komm an d'Leit hu se net seriö geholl. Et ass och näischt geschitt. Neen, mä dat ass de Problem. Wann s de net beträff gi bass; bei der drëtter Kéier, wou s de esou e Message kriss an du bass net beträff, da fiers de déi véierte Kéier natierlech monter weider.

An duerfir mengen ech, solle mer dat elo vläicht anescht upaken. A mat RTL, vläicht och mam 100,7 a mam DNR kucken, mat de Radioen, well dat awer elo dat schnellste Mëttel ass, mengen ech, fir un d'Leit ze kommen, a vläicht per SMS déi Messagen un d'Leit ze bréngen.

Duerfir, d'Gefor war bekannt a si war och - wéi soll ech soen? - an hirer Gravitéit ageschätzt, mä et huet sech erweisen, dass vläicht eng besser Verbreedung fir de Grand public awer noutwendeg ass. An dat probéiere mer dann elo erbäizeféieren. An ech iwwerloossen der Madame Modert, vläicht ze soen, wéi um Niveau public reagéiert ginn ass.

► **M. le Président.**- Jo, da kritt nach d'Madame Modert d'Wuert.

► **Mme Octavie Modert**, *Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administrative*.- Merci, Här President. Jo, effektiv fir déi zweet Fro vun den öffentleche Verwaltungen sinn ech zoustänneg als Fonction-publique-s-Ministerin, well de Centre informatique sech dorëmmer këmmert, dee jo deem Ministère ënnerstallt ass.

Et konnt ee feststellen, datt bei eis bei de Statsservicer am Fong keng Gefor war. An et weist sech och effektiv, datt déi streng Filteren a Sécherheitsmoosnamen, déi „Firewallen“ - déi och Verschiddener alt emol ze vill streng fannen a beim Stat bedauern, well et domat net flexibel genuch wär - hei awer richtig sinn an och hir Wierkung gewisen hunn.

Et war tatsächlech zu kengem Moment eng Gefor. Déi Sécherheitsmoosnamen, déi mer normalerweis, also ëmmer beim Stat hunn iwwert de Centre informatique fir Spam, mat Filteren an esou weider, hunn och hei voll gewierkt. An duerfir war zu kengem Moment een anere Risiko do, wéi en op anere Plazen do wär.

Dat heescht, beim Stat war kee Risiko fir all déi Verwaltungen, déi um Centre informatique hänken. Dat erkläert sech duerch verschidden Instrumenter, technesch ganz fein Compartimentagen an esou weider. Déi hätte kënnen reagéieren, wann e Problem gewiescht wär.

Elo kann een also soen, et wär quasi keng Ursaach, fir ze reagéieren. Mir hunn trotzdem eng Circulaire gemaach, fir zu de Leit ze soen, wa se wëilten, kéinte se och en alternativen, also en aneren Navigateur huelen. Mir hunn e puer Nimm do uginne, déi se kéinte benotzen, soulaang bis am Fong geholl da Microsoft hei hiren eegene Problem behuewen hätten; wou se jo relativ spët drop reagéieren an nach net reagéiert hunn. Duerfir hu mer trotzdem aus Sécherheitsmoosnam gesot: Wann Der wëllt, kënnt Der aner Navigateur benotzen. Et ass och eng Circulaire an deem Sënn erausgaang.

Merci.

► **M. le Président.**- An ech soen der Madame... Jo, Här Adam. Mir sinn zwar elo net an der Prozedur vun der Question avec débat. Et ass eng Question urgente. Déi ass elo vun zwee Ministere beäntwert ginn. Ech géif och proposéieren...

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Just eng Sekonn.

► **M. le Président.**- Ganz, ganz kuerz dann awer wierklech.

► **M. Claude Adam** (déi gréng).- Ech soen deenen zwee Ministere Merci fir hir Explikatioun. Ech wollt just froen: Ass och ofzegesinn, weini datt déi Mesuren eriwuer sinn? Et ass jo e bësse Veronsécherung elo bei de Leit. Gëtt et och e Wee, wou mer dann de Leit soen: „De Problem ass geléist, Dir kënnt erëm an Är al Gewunnechten zrëckfalen.“?

► **M. Jeannot Krecké**, *Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur*.- Vu dass mer mat Microsoft ze dinn hunn, ginn ech dervun aus, dass déi dat selwer maachen. Well déi si schéin emmerdéiert heivunner. Also, je leur fais pleine confiance, dass déi dat mat Zäite maachen.

► **M. le Président.**- Merci. A mir kéimen dann elo zum Projet de loi 6059 iwwer e Régime d'aides fir den Ëmweltschutz. D'Riedezäit ass nom Modell 1 festgeluecht. An et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Bauler a Kox. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Claude Haagen. Här Haagen, Dir hutt d'Wuert.

5. 6059 - Projet de loi relatif à un régime d'aides à la protection de l'environnement et à l'utilisation rationnelle des ressources naturelles

Rapport de la Commission de l'Économie, du Commerce extérieur et de l'Économie solidaire

► **M. Claude Haagen** (LSAP), *rapporteur*.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Hären, de Projet de loi 6059 handelt iwwer staatlech finanziell Hëllef fir Betriber zum Schutz vun der Ëmwelt an iwwert déi rational Uwendung vun den natierleche Ressourcen.

E puer Donnéeën zur Geschicht vum Projet de loi. De Projet de loi ass de 15. Juni 2009 hei an der Chamber vum Wirtschaftsminister déposéiert ginn. De Statsrot huet den 22. September 2009 säin Avis ginn. An an der Ekonomieskommissioun ass de Projet de loi mat enger Abstentioun de 14. Januar vun dësem Joer ugeholl ginn.

De Sënn vun dësem Projet de loi ass, fir en neie gesetzleche Kader, fir finanziell staatlech Hëllef zum Schutz fir d'Ëmwelt a fir eng verstänneg optimal Notzung vun den natierleche Ressourcen ze förderen. De Projet de loi ersetzt den aktuelle Régime, deem am Gesetz vum 22. Februar 2004 iwwert d'Hëllef zum Schutz vun der Ëmwelt betreffend déi rational Notzung vun Energien an d'Produktioun vun erneierbaren Energie virgesinn ass.

De Retard, dee komm ass bei der Uwendung vum Gesetz vum 22. Januar 2004, koom doduerch, dass laut europäesche Regeln d'Ëmännerung oder d'Afféierung vun neien Hëllef der Europäescher

Kommissioun musse gemellt ginn a vun hir approuvéiert ginn. Dës Informatioun ass obligatoresch, well se am Kader vun den europäesche Regele vun der Konkurrenz spillt.

Zwou kleng Modifikatiounen um Gesetz goufen dann och, geméiss dem EU-Traité, der EU-Kommissioun matgedeelt, fir vun hir approuvéiert ze ginn. D'Modifikatiounen haten eng Extentioun vun deene staatleche Bähëllef virgesinn.

D'Europäesch Kommissioun, déi zoustänneg war, huet hire Feu vert awer eréischt ee Joer no der Notificatioun ginn. Während dëser Zäit konnt d'Gesetz vum 22. Februar 2004 net ugewannt ginn. D'Gesetz ass ausserdeem zweemol iwwert d'Loi budgétaire verlängert ginn, well et an der Zäit begrenzt war op den 31. Dezember 2007.

Fir elo net erëm eng Kéier an d'Problematik vun den Délaien ze verfallen, wat elo deen neie Régime, also dëse Projet de loi, ubelaangt, huet d'Regierung d'Méiglechkeet geholl, wéi se sech bitt, dëst neit Gesetz un de Règlement général d'exemption par catégorie unzepassen.

Dat bedeit, datt ënner verschiddene Konditiounen am Virfeld eng Matdeelung net néideg ass, mä eng Kommunikatioun ex post souwéi e järeliche Rapport un d'Europäesch Kommissioun duergeet.

Et ass och wichteg ze preziséieren, datt d'Réglement net e Règlement vum Conseil vun der Europäescher Unioun ass a sech net iwwert d'national Gesetzgebung setzt. Et gëtt den Entreprises also net en direkt Recht op d'Hëllef, mä d'Méiglechkeet opgrond vun Demanden Hëllef unze froen.

Déi staatlech Hëllef gesi Participatiounen bei sechs verschiddenen Zorte vun Investissementen vir:

- éischters, Investissementen, déi iwwert déi communautaire Normen erausginn, oder Investissementen, déi den Niveau vum Ëmweltschutz verbesseren, wa guer keng Norme bestinn;

- zweet Méiglechkeet: virgezunnen ëmweltfrëndlech Upassungen vun de PMEen un déi zukünfteg communautaire Normen;

- Investissementen am Domän vun der Économie d'énergie;

- Investissementen, déi d'Cogénération à haut rendement betreffen;

- Investissementen a Produktiounen vun erneierbaren Energien;

- an last but not least, d'Finanzement vun Ëmweltetüden natierlech am Kader vu Betriber.

Här President, Dir Dammen an Hären, d'Objektiver vun dësem Projet de loi an domadder och vun de staatlechen Hëllef, sinn, fir haaptsächlech d'Entreprises derzou ze bewegen, fir an Energieeffizienz ze investéieren, fir d'Produktioun an erneierbaren Energien ze förderen an domadder den Ëmweltschutz weiderzedreien.

Dëse Projet de loi reit sech an d'Aarbechte vun der Regierung an, esou wéi et am Regierungsprogramm steet, géint de Klimawandel ze kämpfen an déi national wéi international Ziler ze errechen.

Zu den Avisen. A sengem Avis vum 24. August 2009 begréisst d'Chambre des Métiere d'Déciounen vun der Regierung, fir den neie staatleche Régime iwwert d'Hëllef op de virgenannte Règlement général d'exemption par catégorie unzewenden.

D'Chambre des Métiers bemängelt, datt zwee Ministèren - de Ministère de l'Économie et du Commerce, den Energieministère souwéi de Ministère des Classes moyennes - fir staatlech Hëllef am Ëmweltberäich fir Betriber zoustänneg sinn, an hätt gären, datt d'Kompetenze vun all Ministère no bausse kloer definéiert ginn.

Dëst war och eng Diskussioun an der parlamentarescher Wirtschaftskommissioun. An esou ass festgehalen ginn, fir un d'Regierung e Courrier ze maachen, fir e Relevé vun de staatlechen Hëllef vun deenen



zwee Ministèren opzestellen - dëst am Sënn vun enger Simplification administrative - an dat de Betriber och da matzedee-len.

D'Chambre de Commerce huet keng fun-damental Kritik un dësem Projet de loi. Et waren och nach Prises de position vum Institut des réviseurs d'entreprises a vum Mouvement écologique do, déi an der Wirtschaftskommissioun diskutéiert gi sinn.

Zum Avis vum Statsrot vum 22. Septem-ber 2009 kommen ech elo. De Statsrot freet sech, ob et wichteg ass an och rich-teg ass, fir sämtlech Definitionen, déi am Règlement communautaire stinn, an déi national Gesetzgebung ze iwwerdroen. D'Kommissioun war sech eeneg an deem Punkt, fir dës Definitionen ze iwwerhue-len, an dëst am Sënn vun enger besserer Transparenz an Informatiounspolitik.

De Statsrot huet dräi Opposition-forme-len. Am Projet de loi ware staatlech Hël-lefen ursprüngelech nëmme fir d'Société-commercialë virgesinn. Dës Restriktioun ass net am Aklang mam Respect du prin-cipe constitutionnel d'égalité devant la loi. D'Kommissioun an d'Regierung hu sech dem Avis vum Statsrot ralliiert an all En-treprises a physesch Persounen, déi eng industriell, kommerziell an artisanal Aktivi-téit ausüben, dëst op d'Referenz vun der Loi modifiée vum 28. Dezember 1988, och wat déi fräiberufflech Aktivitéite betrëfft, ugepasst;

Déi aner zwou Opposition-formellë waren, wat d'Demanden an d'Procédure d'exa-men vun den Demanden ubelaangt, age-luecht. De Statsrot verlaangt, datt an dë-sem Fall prezis Kritären, wat d'Verdeelung vun de staatlechen Hëllefem ubelaangt, souwéi eng prezis Opzielung vun den In-formatiounen an den Donnéeën, déi vum Wirtschaftsministère gefrot ginn.

D'Kommissioun huet sech iwwer Amende-menter souwéi Ëmännerungen dem Avis vum Statsrot ralliiert. An de Statsrot war och averstan a sengem Avis complémen-taire, deen en den 18. Dezember 2009 matgedeelt huet, mat dësen Amendemen-ter a Modifikatiounen, also och mat dësem Projet de loi.

Eng aner Remarque war, datt am Projet de loi Rieds war iwwert d'Terminologie vu Mi-nistres compétents, dat heescht, wat fir eng Ministèren dann zoustänneg sinn. An och do huet d'Kommissioun den Avis vum Statsrot gedeelt, fir d'Ministèren ze defi-néieren, an zwar mat „Ministre ayant dans ses attributions l'économie“ an „Ministre ayant dans ses attributions les finances“.

Eng aner Fro war, firwat zwee Ministèren an dësem Projet de loi virkommen. Dëst erlaabt ganz einfach e Contrôle mutuel ministériel, an de Sënn vun der Simplifica-tion administrative ass awer ginn, well de Wirtschaftsministère eleng fir d'Demanden am Dossier zoustänneg ass.

Fir déi méi detailléiert Analys vum Avis vum Statsrot verweisen ech gären op mäi schrëftleche Rapport.

Eng aner Diskussioun an der zoustänneger Kommissioun war och, firwat an dësem Projet de loi Privatpersounen net erwähnt sinn. Et kann ee festhalen, an de Minister huet et virdru bemierkt, datt an dësem Kontext d'staatlech Hëllefem am Kader vun den erneierbaren Energië fir Privatper-soune vum Ministère du Développement durable behandelt ginn.

Eng aner Fro war d'Fro vun der Albausa-néierung, déi sech gestallt huet. Den Ob-jectif primaire vun dësem Projet de loi ass jo am Kader vun der Activité commerciale, industrielle an artisanale. Albausanéierung ass net ausgeschloss, wa se an de Kader vun der Demande, an an deem Fall am Sënn vun dësem Projet de loi ass. Och ass et interessant ze wëssen, datt de Wirt-schaftsministère an der Vergaangenheet, am Kader vum ale Gesetz vum 22. Februar 2004, nëmme mat enger handvoll Dos-siere konfrontéiert war an esou leider nach keng richteg Erfahrungswärter huet.

An der Hoffnung, datt dëst neit Gesetz vun den Entreprisë genotzt gëtt, dëst am Sënn

vun enger aktiver Ëmweltpolitik, ginn ech heimadder den Accord vun der LSAP-Frak-tioun.

Ech soen lech Merci, datt Der mer noge-lauschtert hutt.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Rapporteur Claude Haagen Merci, an als éischte Riedner ass den Här Eischen age-droen. Här Félix Eischen, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Félix Eischen (CSV).** - Här Presi-dent, Dir Dammen an Dir Hären, nom Échec vun der Klimakonferenz vu Kopen-hagen, un déi ganz vill Erwaardunge ge-bonne waren, huet d'Lëtzebuurger Regie-rung décidéiert, de Kapp net an de Sand ze stiechen, mä de Klimaschutz mat aller Kraaft a Moyene weiderzedreiw. D'Prio-ritéiten an d'Zilsetzung si kloer an dait-lech. Et muss probéiert ginn, esou vill wéi méiglech Moosnamen iwwert den natio-nale Wee ze maachen, sief dat am Beräich vum Bau, dem Energiespueren, an och nach am Ausbau vun den alternativen Energien. An deem Sënn huet d'Regierung décidéiert, en nationale Pakt fir Klima-schutz an nohalteg Entwécklung op d'Been ze stellen, wou de Minister Marco Schank eis virgëschter jo an der Froestonn d'Hauptlinnen an d'Stoussrichtunge virge-zeechent huet.

Ee Stéck an deem ganze Puzzle stellt och sécherlech de Gesetzestext 6059 duer, dee mer haut de Mëtteg hei zur Ofstëmmung wäerte bréngen. Den honorabele Rappor-teur vum Projet de loi, den Här Claude Haagen, huet a sengem detailléierte mëndleche wéi och schrëftleche Rapport, fir deen ech hie wëll félicitéieren, déi een-zel Dispositiounen vun deem Gesetz erkläert, a soen him am Numm vun der CSV-Fraktioun e grouse Merci fir seng Aarbecht.

Mir begrëssen ausdrécklech d'Afféiere res-pektiv d'Weiderféiere vun dësem Hëllef-sre-gime fir Entreprises, déi bereet sinn, sech méi aktiv an de Klimaschutz anzebréngen. Sou ginn d'Investissementen an d'Energie-spueren, an d'Cogénération an och an d'Stroumproduktioun duerch erneierbar Energië weider ënnerstëtzt. Och d'Erstelle vun Ëmweltetüde fällt ënnert d'Kondi-tioun, fir kënne vun dësen Aiden ze profi-téieren. Op d'Detailer wëll ech net weider agoen, dat huet de Rapporteur ausféier-lech gemaach.

Et kann an et soll ee sech awer och d'Fro stellen, ob et net nach aner Moyene gëtt wéi där finanzieller, fir dass d'Betriber sech méi an Ëmweltfroe sollen engagéieren. Et ass wuel gewosst, dass de Wee dacks iwwert déi finanziell Ureizer muss lafen, fir zu engem Zil ze kommen. Wie geet scho vu sech aus, an ouni Ënnerstëtzung, op de Wee sech, a sengem Betrib méi streng Normen opzeerleeën, wéi se um commu-nautären Niveau virgeschriwwen sinn? An dach gëtt et Patronen, déi d'Zeeche vun der Zäit erkannt hunn, déi froen: „Wat kann ech maachen?“ Och hinne sollt een, nieft der finanzieller Hëllef, am Fall vun Ëmweltfrëndlechen Efforte mat Rot zur Säit stoen, se opklären a se sensibiliséieren.

An deem Kontext soll ee sech dann och d'Fro no der Vereinfachung, der Simplifi-catioun stellen, wéi a wou d'Betriber sech kënne kuerzfristeg a gescheit informéieren. Een zentralen Energieberoder fir d'Entre-prisé géif Sënn maachen, ähnlech nom Modell fir d'Demande vun de Privatleit. De Stat sollt op enger Plaz den Entreprises eng Offer an deem Sënn ubidden, déi da kann, awer net muss ugeholl ginn.

E Betrib soll seng Äntwert séier a kompe-tent kréien, net dass de Patron mat sen-gem gudden Willen no zéng Telefonen ouni gescheit Äntwert schonn um Enn ass. Hien huet jo u sech aner Saachen ze dinn. Als Alleréisch ass hie jo do fir säi Betrib um Liewen ze halen. Och dës Iwwerleeung gesi mir als Aufgab nieft der finanzieller Ënnerstëtzung un.

An der Saach begrësse mer ganz kloer déi eenzel Aiden, déi vun den Entreprisë kën-nen ugefrot ginn. All Invest an den Ëm-weltschutz, do si mer eis eens, déngt en fin de compte net nëmmen der Allge-mengheet, mä mëttel- a laangfristeg och den Entreprisë selwer.

Här President, wann Der erlaabt, nach kuerz zwou Froen um Enn. Interessant wier et ze wëssen, ob dru geduecht gëtt en cours de route en Tëschebilan vun der Ëm-setzung vum Gesetz ze maachen, mat de Leit um Terrain, fir ze kucken, wat gräift a wat net, an ob net vläicht missten op ver-schidde Beräicher Upassunge gemaach ginn, wa kloer ass, dass d'Aiden eventuell no enger Zäit net dat bréngen wéi ge-duecht. An deem Kontext wier et och inte-ressant ze wëssen, wat tëscht 2004 an elo an dësem Beräich dann ausgeschott ginn ass.

Zu gudder Lescht ass och ze begrëssen, dass déi reng finanziell Aiden elo emol bis 2013 begrenzt sinn, an der Hoffnung, dass dat, wat elo subventionéiert gëtt, iergend-wann eng kéier Standard ass.

Mat dësen Iwwerleeunge wëll ech opha-len, Här President, ech soe Merci fir d'No-lauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Eischen Merci, an als nächste Riedner ass den Här André Bauler agedroen. Här Bau-ler, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Bauler (DP).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, och wann de Klimagipfel vu Kopenhagen aus europä-escher a lëtzebuergescher Siicht net zu ze-fridde stellende Resultater gefouert huet, stellt een dach fest, datt weltwäit divers State grouss Efforte maachen, fir a gréng Technologien ze investéieren, an domat d'CO₂-Emissiounen reduzéiere wëllen.

Am internationale Courier vun „The Eco-nomist“ stoung zum Beispill viru kuerzem ze liesen, datt China am asiatesche Raum déi ambitiëst Politik op deem Plang be-dreift. 148 Milliarden Euro, dat entsprécht engem Drëttel vum chinesisches Konjunk-turplang, ginn an Eko-Technologien inves-téiert. China wëll domadder den Undeel un erneierbaren Energien op 10% erhéi-jen. Och Südkorea huet aus de gréngen Technologien en Eckstee vu senger natio-naler Politik gemaach - esou schreift den „Economist“ - an investéiert bis 2012 ronn 40 Milliarden Euro an ënnerschiddlech Projeten. Hei gëtt mat allerlee Instrumen-ter geschafft, déi vu steuerlechen Incita-tiounen, Kreditgarantien bis iwwer Sub-ventiounen fir d'Betriber ginn.

Net méi spéit wéi de 5. Januar huet d'„Süddeutsche Zeitung“ iwwer e Grupp vun europäesche Länner beriicht, déi gewëllt wieren, e Réseau vun Héichspan-nungsleitungen ënnert dem Mier opze-bauen, mat deenen d'Wandparken am Nordmier, d'Marée-motricen laanscht déi belsch an dänesch Küsten souwéi d'Wand-a Solarparken um europäesche Kontinent matenee verbonne wieren. Nieft Däitsch-land, England, Dänemark, Holland, Irland an Norwegen wier och Lëtzebuerg bereet, sech un dësem Projet ze bedeelegen. E Projet, deen iwwregens 30 Milliarden Euro kaschte géif, an deen d'Part vun den er-neierbaren Energien an der EU an enger kuerzer Zäitspaan eropsetze géif. De Claude Meisch huet dozou eng parlamen-taresch Fro gestallt.

Wat och ëmmer un dësem Projet drun ass, et muss ee jiddefalls feststellen, datt welt-wäit e Prozess vun Ëmdenken amgang ass, dee Friichten droe wäert. Och wa Län-ner wéi China sech alles, mä net rühmlech um Klimasommet beholl hunn, esou dierf een awer net vergiessen, datt si et längst verstan hunn, datt am Maart vun de grén-gen Technologien en enormt Wuesstems-potenzial läit. Déi sougenannt Schwellen-län-ner wëssen, datt den Ëmweltschutz mëtt-lerweil eng wesentlech Komponent vun der Wirtschaftspolitik ass.

Och heiheem ass de Schutz vun der natier-lecher Ëmwelt an déi rationell Nutzung vun den natierleche Ressourcen zënter dem Ufank vun den 90er Joren en Hapt-uleies vun deene verschiddene Regierunge gewiescht. Si schreiw sech kloer an d'Lis-sabon-Strategie an, déi aus der nohalteger Entwécklung e Pilier fir méi Wuesstum ge-maach hunn, e Wuesstum, dee méi Aar-becht soll schafen, d'Kompetitivitéit erha-len an d'Sécherheet an der Energieversue-rung garantéiere soll.

D'Konkurrenz tëscht de Wirtschaftsbléck entscheet sech also méi a méi och op eko-logeschem Plang, an duerfir ass et evident,

datt grad d'Betriber Ustregunge maache mussen, fir zum Beispill nei Energiequellen ze notzen oder fir Energie anzespieren. Et ass och wichteg, datt si an deem Sënn ge-zilt ënnerstëtzt ginn, wa si ekologesch Ak-zenter mat hiren Investissementen setzen. Dat ass de But vum Gesetzesprojet 6059, mat deem en neie gesetzleche Kader fir d'Hëlleferegime agefouert gëtt, deen d'Betriber encouragéiert, Investitiounen ze tätigen, déi e bessere Schutz vun der Ëm-welt an eng méi wierksam Nutzung vun Energiequellen erméiglechen.

Wéi de Rapporteur ënnerstrach huet, gëtt mat dësem Gesetzesprojet déi bestehend Legislatioun vun 2004 ersat. Et verwonnert och net, datt d'Chambre de Commerce dësem Gesetzesprojet gutt gesënnt ass, grad well déi staatlech Hëllefem dozou bäi-droen, datt d'Betriber, déi an de Genoss dovunner kommen, méi kompetitiv ginn a finanziell entlaascht sinn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, mir hunn an der Kommissioun iwwert déi verschidden Observatiounen an Opposi-tiounen vum Statsrot diskutéiert. Erlaabt mer an deem Kontext e puer Remarques.

Éischters, et ass gutt, datt am Artikel 1 déi zwee Ministèren, déi betraff sinn, prezis genannt ginn. De Rapporteur huet et ge-sot, en huet einfach vu Ministres compé-tents geschwat. Et sinn dat engersäits de Wirtschaftsminister an anerersäits de Fi-nanzminister, déi de Stat vertrieben an déi d'Entscheidung vum Octroi vu Stats-hëllefem huelen.

D'Praxis an d'Erfahrungen aus de leschte Jore weisen, datt déi getrennten Décisi-ounscompetenz net als Nodeel gesi gëtt, mä als en Ureiz, fir déi jeeweileg Demandé besser ze begrënnen an esou de Finanzmi-nister ze iwwerzeegen, datt se effektiv en ekologeschen an ekonomesche Gewinn oder besser gesot e Méiwäert duerstellen. Dowéinst muss de Finanzminister an den Entscheidungsprozess mat agebonne ginn, fir vun Ufank u finanziell Iwwerra-schungen ze vermeiden, zumools wou de Budgetartikel, dee fir d'Ëmsetzung vun dëser Gesetzgebung a Fro kënnt, een net limitative Kredit virgesäit.

Den Investitiounsprogramm beziehungs-weis -rhythmus vun de Betriber ass an dë-sem Kontext kaum virauszugesinn, esou datt den Octroi vun öffentleche Gelder en-ger gewëssener Kontroll ënnerworfen muss sinn. Mir schléissen eis deem Constat un an hoffen, datt d'Dossieren trotz duebeler ministerieller Kompetenz och weiderhin zügel behandelt kënne ginn, an et also och an Zukunft kee Geschleefs op adminis-trativem Plang gëtt.

Ech wollt awer an dësem Zesammenhang op d'Kritik vun der Chambre des Métiers agoen, déi Diskriminatiounen duerch d'Existenz vun zwee parallellen Hëllef-sre-gime - deen ee fir de Mëttelstand an deen anere fir d'Wirtschaft an den Aussenhandel - net ausschléisst. D'Montante vun de ver-schiddenen Hëllefem, déi virgesi sinn, wie-ren net identesch, bemierkt d'Chambre des Métiers, esou datt e Betrib eventuell bei déi zwee Ministère sondéiere geet, fir ze kucken, wou e besser ewechkënt. D'Handwierkerkummer ass och der Mee-nung, datt dëst net nëmmen diskriminato-resch, mä och kaum zu enger gerechter Konkurrenz bäidreit, déi och net konform zum generelle Prinzip vun enger besserer Reglementatioun an der administrativer Vereinfachung wier, déi d'Regierung ustriift, mengt d'Handwierkerkummer an hirem Avis. A si fügt bäi, datt et bei de Be-triber zu Konfusiounen komme kann, well se ebe mat zwee Ministèren ze dinn hunn, wou se hir Demande erareche kënnen.

D'DP weist an dësem Kontext drop hin, wéi wichteg et gewiescht wier, fir e ge-meinsame Ministère, dee fir all ekono-mesch Aktivitéiten zoustänneg ass, ob et sech elo ëm kleng, mëttelgrouss oder grouss Betriber handelt, ze schafen. Eng Zesummeleeung vun de wirtschaftleche Kompetenzen an Aufgabefelder an engem eenzege Ministère hätt, eiser Iwwerzee-gung no, zu méi Transparenz an Uniformi-téit beim Verdeeel vu staatlechen Aidë bäi-gedroen.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. André Bauler (DP).** - Erlaabt mer dann eng zweet Remarque. Et wier och wëschenswäert, wann dee ganze Sub-



ventionssystem méi iwwersiichtlech wier a wann et allgemeng méi kloer wier - et gouf och schonn ugeschnidden -, wie vu wat fir engen Aidé profitéiere kann. Hei besteet eiser Meenung no nach Handlungsbedarf, fir datt all Demandeuere, ob Konsumenten oder Betriber, den Duerchbléck duerch de Subventionsbësch kënnen kréien.

D'Diskussionen an der Kommissioun hu bis zum Schluss gewisen, datt am Beräich vun der Subventionéierung vu Mossnamen, déi en Impakt op d'Ëmwelt hunn, méi Kompetenz a méi Kohärenz a méi Kloeerheet ugesot sinn, fir datt all potenziellen Demandeur weess, u wat fir e Ministère e sech à la fin du compte soll wenden. Hei besteet also nach Handlungsbedarf.

Am éischten Entwurf - de Rapporteur huet et ugeschnidden - vun deem Gesetzesprojet waren et d'Sociétés commerciales, déi an de Genoss vun dësen Hëlfelefen hätte komme kënnen an déi liberal Beruffer. De Statsrot huet sech zu Recht gefrot, firwat Architekten, Ingénieurs-Conseils oder Experts comptable an de Genoss vun dësen Hëlfelefe komme kéinten. Den éischte Paragraph vum drëtten Artikel ass an der Kommissioun reformuléiert ginn an e viséiert elo all Betriber a Privatpersounen, déi iwwer eng Autorisation d'établissement verfügen an entweder eng industriell, eng kommerziell oder eng handwierklech Aktivitéit ausüben.

Wichtig ass eenzeg an eleng, dat ass d'Meenung vun der DP, datt hei deene Betriber gehollé gëtt, déi enger regelméisser Produktiounsaktivitéit noginn. D'Subsiden, déi si kréie kënnen, sollen hiren ökologesche Foussofrock verkleinere, hiren Energieverbrauch reduzéieren an hir Wettbewerbsfäegkeet steigern.

Eng drëtt a lescht Remarque zu deem Gesetzesprojet. Et betrëfft den Artikel 12, Paragraph 4. Et ass richtig esou, datt de Minister de Verement vun öffentliche Aiden u speziell Konditiounen banne kann. Dës Konditiounen kënnen zum Beispill eng Kapitalerhéijung sinn oder verschidden Engagementer, zum Beispill den Erhalt vun der intellektueller Propriétéit um Standuert Lëtzebuerg, mat deenen ee soumat Aarbechtsplazen heiheim sécheren kann. An et ass och berechtigt, datt de Wirtschaftsminister de Remboursement vu finanziellen Hëlfelefe verlaangt, wann et sech erausstelle sollt oder soll, datt déi Fongen net korrekt verwennt ginn, oder wann de Betrieb seng Dieren zomécht, bezéiungsweis et zu enger deelweiser Astellung vun Aktivitéiten um Site Lëtzebuerg kéint.

Mir liewen an enger méi wéi jee internationalisierter Ekonomik, an där ëmmer méi e gieregt Profitdenken iwwerhand hält. De Stat muss seng Verantwortung iwwerhuelen an all déi ausbremsen, déi Kapital hin an hier bewege wëllen, ouni sech ëm déi sozial Konsequenz vun dëse Mouvementer ze këmmere. D'Erfahrung aus de leschte Méint a Wochen huet eis gewisen, datt déi dote Fäll sech ëmmer méi dacks stellen. Eng Délocalisation, déi ekonomesch net novollzéierbar ass, muss als Konsequenz hunn, datt staatlech Hëlfelefen zréckbezuelt ginn. Am Artikel 16 vun deem Gesetzesprojet ass dat esou virgesinn, a mir als Demokratesch Partei kënnen dat nëmmen ënnerstëtzen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach e puer Wieder ze soen, déi iwwert de Kader vun deem Gesetz erausginn. D'DP huet an der Vergaangenheet eng ganz Rétsch, eng ganz Rei vu Propositionen gemaach, wéi een eng méi grouss Dynamik an de Beräich vun der Energieeffizienz kéint kréien. Eng Propos war ënner anerem den „Energiespuer-Contracting“. Fir d'Betriber ass et esou, datt si fir d'éischt emol en Invest an d'Energieeffizienz vun hire Gebaier oder an d'Infrastrukture vun den erneierbaren Energie mussen leeschten, fir dann duerno manner Ausgabe kënnen ze hunn. An dëser Situation bitt sech eng Form vu Contracting un, wou zum Beispill eng Bank wéi d'SNCI kéint d'Virfinanzéierung iwwerhuelen, an de Prêt iwwert d'Aspuerunge bei den Energiekäsche kéint zréckbezuelt ginn.

Ech ginn dovunner aus, datt et esou ähnlech Projeten haut scho bei der SNCI gëtt oder datt se do lafen. Ëmsou méi einfach misst et da sinn, fir e Pak aus Subventionen a gënschtege Kreditte ze maachen,

mat deem een offensiv op d'Betriber kann zougouen. Déi steigend Energiekäsche bidden eis déi eemoleg Geleeënheet, datt sech Investitiounen an d'Energieeffizienz dacks schonn innerhalb vu wéinege Jore bezuelt maachen, esou datt d'Ëmwelt an d'Betriber dovunner profitéiere kënnen.

Dëst geléngt eis awer nëmmen, wa mer et fäerdeg bréngen, ouni grouss bürokrateschen Opwand, de Betriber den Zougank zu de finanziellen Hëlfelefen esou liicht wéi méiglech ze maachen. Dëst geléngt eis nëmmen, wa mer net laanscht d'Besoine vun de Betriber subventionéieren.

Wat bréngt et eis, wa mer zéng, 20 oder 30% vun engem Projet de Betriber iwwer e Subsid zur Verfügung stellen, wa se a Krisenzäiten déi reschtlech Suen net hunn? Mir sollten duerfir spéider genau kucken, wéi wirksam déi Mesurë sinn - et ass schonn ugeklungen -, iwwert déi mer haut entscheeden, a se gegebenenfalls dann och upassen. Dëst geléngt eis nëmmen, wa mer innovéieren. Fir d'DP ass et esou, datt ee sech net op d'Subventionslogik verstäipen däerf, mä datt ee méi wäit muss kucken, fir déi beschte Strategie ze fannen, fir eis Betriber finanziell ze ënnerstëtzen.

Ofschléissend, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wëll ech dem Rapporteur, dem honorabelen Här Claude Haagen, fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Bericht félicitéieren an den Accord vu menger Fraktioun zu deem Projet de loi ginn.

Ech soen Iech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. le Président.** - Ech soen dem Här Bauler Merci, an als nächste Riedner ass den Här Kox agedroen. Här Kox, Dir hutt d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).** - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll direkt am Ufank am Numm vun de Gréngen dem Rapporteur Merci soe fir säin ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Hien ass jo och schonn a sengem mëndleche Bericht op déi grouss Linne vun deem Gesetz hei agaangen an och op eng ganz Rei vu Problematiken, déi mir an der Kommissioun opgeworf hunn, och ausféierlech agaangen, esou dass ech och nëmmen op e puer méi konkret Proposen aus deem Gesetz méi genee agoe wëll, an duerfir dat och vläicht e bësse méi kuerz da maachen.

Ech brauch och net méi op d'Wichtigkeet an op d'Noutwendegkeet vun deem Gesetz anzugehen, well alleguerte meng Virriedner hu scho méi oder manner dorüwer diskutéiert.

Vläicht zum Champ d'application selwer: An deem Zesummenhang goufen eng Rei vu Froen an der Kommissioun opgeworf, wien da schlussendlech vun dësen Aiden alles ka profitéieren a wien net. Dëst Gesetz viséiert jo haaptsächlech u sech d'Entreprises, Entreprises, déi awer erëm vun ënnerschiddleche Ministère begleet ginn, wat och schonn deen een oder anere Virriedner hei gesot huet. Duerfir huet d'Kommissioun jo och e Bréif un d'Regierung formuléiert mat der Opfuorderung, eng Lëscht ze erstellen, fir sämtlech Aiden, déi et gëtt, emol opzeschlësselen.

Niewent dësen Ëmweltaidë kréien d'Betriber jo bekanntlech eng ganz Rei vun zousätzlechen Aiden an Hëlfelestellungen, déi awer erëm vun ënnerschiddleche Ministère ofhänken, wat u sech fir den einzelnen Demandeur et net grad ganz einfach mécht, sief dat am Mëttelestandsmistère oder och nach am Wirtschaftsministère.

Deeselwechten Exercice gëllt awer och fir de Beräich vum Ëmwelt- a Klimaschutz. Och do sinn eng ganz Rei vun Iwwerschneidungen ze fannen tëscht dem Ëmweltministère oder besser gesot dem Heitegen Nohaltegkeetsministère an dem Energieministère. Dobäi ass et och besonnesch wichteg ze ënnersichen, ob all Secteuren ofgedeckt ginn.

Sou stellt sech ëmmer nees d'Fro, a wéi e Beräich zum Beispill déi grouss Immobiliegebaier respektiv d'Kollektivwunnenge falen. Well do besonnesch, de Minister huet et virduen an der Heure de questions scho beäntwert, ganz vill ze huelen ass, well an der Energieeffizienz, am Energiespuren u sech ganz vill dran ass. Duerfir

sinn ech och frou ze héieren, dass dat Reglement fir d'Subventionéierung vun Albausanéierung, insbesondere a gréisserer Gebaier, dann elo um Instanzewee ass.

Ech mengen awer, dass dëst Gesetz trotzdeem eng Lück opléisst, an doduerch och kënn Gebaier iwwert dëst Gesetz subventionéiert ginn, well, wann d'Gebai zum Betriebsfunktionement vum Betrib bäidréit, denken ech, dass och dëst Gesetz kann déi eng oder aner Aide maachen. Ech wënsche mer dann duerfir, dass d'Regierung, ier d'Debatten ufänken iwwert de Klimapackage, wéi vidru scho gesot ginn ass, eng Zesummestellung mécht an eng Quersumméierung mécht, wou a wéi eng Subventionéierung a wéi enge Ministère iwwerall ze fanne sinn.

Vläicht e puer Remarques zu den Aidë selwer. Denken, dass duerch dëst Gesetz och e groussen Deel vun der Energieproblematik ofgedeckt gëtt, iwwert d'Etüde bis hin zu enger besserer an effikasser Nutzung vu klassischer Energieproduktion, wéi d'Cogénératioun bis hin zu der Produktioun vun erneierbaren Energien kommen duerch dëst Gesetz an de Genoss vu spezifischen Hëlfelestellungen, mat deelweis relativen Tauxen och.

Besonnesch d'Hëlfelestellung fir méi héich Ëmweltnormen anzeféieren, och wann déi zum Beispill zu Bréissel nach net iwwer eng Direktiv festgeluecht gi si respektiv och nach net hei zu Lëtzebuerg agefouert gi sinn, fannen eis ausdrécklech Ënnerstëtzung.

Wou mir awer méi Problemer hunn, ass d'Prozedur vun der Demande an d'Prozedur vun der Zoustëmmung selwer. Hei schéngt et mer nach e groussen Nohuelbedarf ze ginn. De Succès vum ale Gesetz war jo anscheinend net gradesou grouss.

An enger rezenter Question parlementaire vum Här Bausch kann een dat och noliessen. D'Hëlfelestellung kënn jo op zwou verschidde Méiglechkeeten ausbezuelt ginn. Eng kéier a Form vun enger Subvention - subvention en capital - an déi zweete kéier op eng „bonification d'intérêts“.

Ech hunn déi Question parlementaire hei derbäi. An dat ass vläicht eng Äntwert op d'Fro vum honorabele Félix Eischen virduen. Effektiv huet d'Gesetz... Bon, an dëser Question parlementaire ginn net nëmmen d'Aiden am Beräich vun den erneierbaren Energien oder Energieeffizienz opgezielt, mä och aner Aiden. Zum Beispill an der Reduktioun vum Waasserverbrauch, am Recycling an esou weider an esou fort, gesäit een, dass do iwwert d'Bonification d'intérêts nëmmen aacht Demanden dru waren. 2004 gouf e Montant vun zéng Milliounen ausbezuelt, an 2006 zum Beispill just nach vun 130.000, 2007 vun 150.000 Euro, an 2008, no dëser Question parlementaire, goufe souguer guer keng Subventionen ausbezuelt.

Wann een déi Zuele kuckt, muss ee sech natierlech d'Fro stellen: Firwat ass dat esou? Firwat ginn net méi Aiden ausbezuelt? Waren d'Tauxen vun deem leschte Gesetz dann esou schlecht oder ass d'Prozedur ze vill schwéierfällig? Ass d'Investitiounssécherheet, wann een esou e Projet ugeet, ginn am Virfeld? An do sinn ech mer och net ëmmer esou sécher, fir am Virfeld déi néideg Informatiounen zesummenzekréien, fir dann en Dossier fäerdeg ze maachen, fir en dann eranzeginn.

A schlussendlech och d'Promotioun vum Gesetz selwer bei de Betriber dobaussen. Ass déi dann am Néidegen duerghefouert ginn?

Duerfir eng Fro un de Minister vläicht herno bei den Ausféierungen, ob hien eis kënnt e puer Explikatiounen ginn, wou vläicht do déi Ursaache sinn, aus Siicht vum Ministère, a wat si gedenken an déi Richtung ze verbessern, fir insbesondere méi Betriber hei an deem Beräich an d'Boot mat eranzekréien?

Wat mech awer oder wat eis méi stéiert un deem Gesetz, sinn déi relativ vag gehale Kritären, besonnesch wat d'Förderung vun der Energie, erneierbaren Energien ugeet, Kritären, déi engem Investor et relativ schwéier maachen, sech am Virfeld bei der Preparatioun vum Dossier op Hëlfelestellung kënnen ze verloossen.

Ech zitieren duerfir dee Passage aus dem Gesetz selwer, dat ass den Artikel 12, d'Procédure d'octroi, an do steet ënner anerem, dass fir d'Énergies renouvelables „des orientations en matière de politique énergétique arrêtées par le Gouvernement“.

Dat ass esou breet, dass ee sech do guer net zréckfënn, wat da genau domadder ze verstoen ass a wou och dat nozeliesen ass, wéi eng Energiepolitik schlussendlech dann hei mat deem Gesetz, insbesondere wéi eng erneierbar Energien et sinn, wéi déi dann elo mat wéi engem Taux gefördert ginn.

Fir mech misst et jo awer esou sinn, dass mer eis do op d'LUXRES-Etüd stäipen, déi eis jo déi Orientatioun gëtt, a wéi eng Richtung mer wollte goen bis d'Joer 2020 respektiv 2050. Vläicht kann de Minister och dorobber duerno eng Explikatioun liwweren.

Fir mech schéngt jiddwerfalls eng groussaarteg Transparenz net erwënscht do gewiescht ze sinn, well soss hätt ee sech méi Méi ginn, fir méi kloer Kritäre festzeleeën. Et misst dach méiglech sinn, aus menger Siicht, déi eenzel Beräicher erauszekristalliséieren, a pro Energieträger Subventionskritären opstellen a jiddwerengem zougängelech ze maachen. Den Energiewandel huet haut jo nach bekanntlech säi Präis, mä bei engem Blocage gëtt et spéider ëmsou méi deier. Souwisou sinn d'Ëmweltkäschen haut schonn ze bezuelen. Haut nach duerch d'Natur selwer, awer leider op hir Käschen erëm, a muer duerch onnéideg Reparaturkäschen.

Wa mer elo awer scho vun de Käsche schwätzen, kommen ech awer net derlaanscht, iwwer weider Käschen ze schwätzen, déi och am Zesummenhang mat deem Gesetz ze gesi sinn. Niewent der Subvention also Gelder, déi an den Invest gestach ginn, déi am Ufank vun der Installatioun ufalen, falen awer och nach eng ganz Rei aner Käschen un, déi net vun deem Gesetz gedeckt ginn. Dat si Käschen, déi besonnesch bei der Produktioun vun erneierbaren Energien, also duerch d'Energie, duerch Cogénératiounsanlagen entstinn an och duerch erneierbar Energien.

Wéi Der wësst, ginn déi Käschen iwwert de Fonds de compensation bezuelt, also iwwert de Stroumpräis beim Endverbraucher, deen en Deel vun de Käschen da matdréit, fir dat alles ze finanzéieren. U sech eng ganz gutt, richtig a wichteg Aktioun an och en Instrument. Wat awer net esou bekannt ass, ass, dass de groussen Deel vun de Käschen duerch déi kleng Verbraucher bezuelt gëtt.

Dat Gesetz, wat mir haut hei stëmmen, subventionéiert zum Beispill Cogénératiounen an och an och erneierbar Energieanlagen un Industriebetriber, déi selwer awer nëmmen e minimalen Deel zum Kompensationsfonds bäidroen.

Duerfir hunn ech och eng Motioun préparéiert, fir d'Regierung dorop hinzewiesen, dass déi Ongerechtegkeet betreffend dem Bäitrag am Fonds de compensation sollt onbedéngt opgehewe ginn.

Vläicht zur Erënnerung: De Fonds de compensation ass mat Chiffere vun 22 Milliounen opgedeckt. Vun deenen 22 Milliounen Euro sinn awer 18 Milliounen fir d'Cogénératioun; wat ech och u sech gutt fannen. Nëmmen - vläicht fir d'Fotovoltaik eng kéier ze ernimmen - 1.073.000 Euro sinn deemools, also 2008, fir d'Aspeisungsvergütung vun der Fotovoltaik ausgi ginn. Dëse Betrag vun deenen 22 Milliounen gëtt iwwert de Stroumpräis subventionéiert.

Dee Stroumpräis ass an dräi Kategorien agedeelt. Eng Kategorie ass déi A-Kategorie. Dat sinn alleguerte déi Klengverbraucher, wéi mir heibannen, déi ënner 25 Megawatt-Stonne Verbrauch hunn. Déi zweet Kategorie, dat sinn d'Mëttelebetriber, déi iwwer 25 Megawatt-Stonnen hunn. An dann eng drëtt Kategorie, dat ass d'Kategorie C, déi jo och mat deem Gesetz da viséiert sinn. Déi bezuelen a sech de Minimum vun deem Gesetz.



Esou dass, wa mer d'Rechnung elo opmaachen, nämlech déi nei Adaptatioun vum Fonds de compensation fir 2010, bezuele mir heibanne jiddwer Eenzelen an der Kategorie A 19 Euro pro Megawatt-Stonn; déi an der Kategorie B, also och Mëttelstandsbetriber, bezuele 6,2 pro Megawatt-Stonnen; an d'Betriber C, déi a sech an dësem Gesetz jo Hëllefstellunge kréie fir hir Cogénératiounen, bezuelen nëmmen 0,75 pro Megawatt-Stonnen.

Mir fannen dat e Skandal. Mir fannen dat eng Ongerechtegkeet, well de Präis vun deem Klenge par rapport zu der Industrie 25-mol méi ass; a grad hei d'Cogénératioun zum gréissten Deel vu groussen Industrien... Et ass souguer eng Quersubventionéierung vun deene Klengen, déi der Industrie hir Cogénératiounen, hir Wäermt, wat richtig, wat eng gutt Technologie ass, wat eng sënnavoll Technologie ass, awer war eng Quersubventioun bedeit...

Mir hätte gär, dass dat Reglement nei iwwerschafft gëtt - nämlech dat Reglement, e Règlement grand-ducal vum 22. Mee 2001, a wat reforméiert ginn ass, modifiéiert ginn ass 2005 -, wou grad d'Kategorie C och nach eng Kéier sollt nogekuckt ginn, an dass C och deeselwechten équitable Präis zu dem wichtege Bäitrag, dee mer all wëllen hunn, nämlech zu enger méi nohalterger Energiepolitik hinze kommen, wat de Moment säi Präis eben huet, awer wat no eiser Siicht och jiddweree muss derzou bäidroen.

Duerfir, Här President ginn ech lech déi Motioun. Esou dass ech hoffen, dass och d'Regierung vläicht dat als Ureiz hält, déi Subventioun e bëssen ze iwwerdenken a méi en équitable Verglach oder Aspeisung vun Fonds de compensation hinze kréien.

Motion

La Chambre des Députés,

- vu que le projet de loi en question règle également les aides aux investissements des entreprises dans la cogénération à haut rendement ainsi que pour la production d'énergie à partir de sources d'énergies renouvelables;

- vu que le financement de ces aides est assuré par le fonds de compensation instauré suivant le règlement grand-ducal modifié du 22 mai 2001 et que ledit fonds est alimenté par des contributions sur la consommation d'électricité à payer par les clients finals de cette source d'énergie;

- considérant que cette contribution varie suivant trois catégories de consommateur d'électricité, à savoir:

- catégorie A: les points de comptage affichant une consommation annuelle d'énergie électrique inférieure ou égale à 25 MWh,

- catégorie B: les points de comptage affichant une consommation annuelle d'électricité supérieure à 25 MWh, à l'exception des points de comptage qui sont classés dans la catégorie C,

- catégorie C: les entreprises qui ont conclu un accord avec le Gouvernement;

- sachant que suivant le règlement grand-ducal modifié du 22 mai 2001, tandis que la contribution de la catégorie C est fixe, les contributions des catégories A et B sont calculées annuellement et varient en fonction des coûts nets des différents gestionnaires de réseau d'électricité et en tenant compte de reports éventuels;

- sachant que pour le calcul de ces coûts sont considérés également les frais pour l'achat de l'énergie produite dans les installations de cogénération à haut rendement (~80% des coûts totaux) ainsi que pour la production d'énergie à partir de sources d'énergies renouvelables (~20% des coûts totaux);

- étant donné que la plupart des installations de cogénération à haut rendement sont exploitées par des entreprises de la catégorie C;

- considérant que récemment les contributions à payer par les clients diffèrent pour les trois catégories en question et ont été fixées par décision de l'ILR pour l'année 2010 comme suit (entre parenthèses les contributions 2009):

- catégorie A: 19 (11,2) € par MWh d'électricité consommée,

- catégorie B: 6,2 (3,6) € par MWh d'électricité consommée,

- catégorie C: 0,75 (0,75) € par MWh d'électricité consommée;

- estimant que suite à l'évaluation du fonds de compensation (2008: 16,9 Mio €; 2009: 20,5 Mio €; 2010: 31,2 Mio €), le rapport de la contribution par MWh entre la catégorie A et la catégorie C (25 fois plus élevé) ne remplit plus la condition d'une répartition équitable des charges pour l'alimentation de ce fond,

invite le Gouvernement

- à modifier le règlement grand-ducal modifié du 22 mai 2001 afin de rétablir un rapport plus équitable entre les différentes catégories de consommateurs d'électricité pour l'alimentation du fonds de compensation;

- à modifier notamment la contribution de la catégorie C en créant une relation entre le taux de contribution et les coûts nets des gestionnaires de réseau.

(s.) Henri Kox, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Viviane Loschetter.

Duerfir, ech kommen zum Schluss vu mengen Ausféierungen. D'Gesetz u sech fanne mer gutt. De Fong ass souguer tipptopp, well e ganze Beräich vun Aidé virgesinn ass a ville Sparte vun der Energiespuerung, iwwer effizient Energienutzung bis hin zu der erneierbarer Energie wéi och d'Cogénératiounen.

Mir hunn awer e Problem effektiv mat der Ëmsetzung vun deem Gesetz. Dat hu mer jo gesi mat der Unzuel vu Betriber, déi am vieregte Gesetz d'Ënnerstëtzung kritt hunn. Mir wëllen awer trotzdeem hei dem Gesetz nach eng Kéier déi néideg Chance ginn. An duerfir bréngen ech den Accord vun der grénger Fraktioun fir dëst Gesetz mat, an der Hoffnung, dass déi Kritären iwwerschafft ginn, an och an der Hoffnung, dass méi eng équitable Opdeelung vun de Käschte vum Fonds de compensation gemaach gëtt.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Kox als leschte Riedner Merci. Elo kritt d'Wuert de Wirtschaftsminister Jeannot Krecké.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Dir Damen an Dir Hären. Erlaabt mer, Här President, dass ech der gesamter Kommissioun en extrae Merci ausdrécken a selbstverständlech och haaptsächlech dem Rapporteur.

Ech muss soen, dat Gesetz hei, wat déposéiert ginn ass am Juni, un deem ass vill geschafft ginn. De Conseil d'État huet en Avis ofginn, deen a senger éischter Lecture op alle Fall Ulass ginn huet zu villen Diskussiounen. An ech mengen, déi Aarbecht, déi elo an der Kommissioun zesumme mat menge Leit gemaach ginn ass, verdéngt op alle Fall vu menger Säit e ganz grouse Merci.

Dir hutt wäitgehendst deen Text kënne verbesseren opgrond vun enger ganzer Rei Ureegungen, déi komm sinn, och aus Äre Reien. An ech mengen, dat Gesetz ass elo esou, dass een - an dat mierkt Der jo och, dass jiddwereen dat elo wëllt stëmmen - awer ka soen, dass mer hei e grouse Schrëtt no vir maachen.

Dat soll u sech d'Panoplie vun deenen Texter, déi mer haut hunn, fir de Betriber entgéintzekommen, komplettéieren. Ech erënneren drun, dass mer jo d'Regionalhëllef hunn. Ech erënneren drun, dass mer d'Hëllefstellung hu fir alles, wat Recherche, Développement an Innovatioun ass.

An dat, wat gefeelt huet, war am Fong geholl méi e komplett Gesetz an och méi e kloert Gesetz iwwert dat, wat ee vun Hëllefstellunge ka maachen, wann een am Beräich vun Energiespueren an Ëmweltschutz wëllt investéieren. Dat ass dann heimat gemaach.

An ech mengen och, dass mer domadder deen noutwendegen Incentive gi fir de Betriber, wou mer jo de Wonsch haten, dass déi Betriber aner Betriber wäeren no där

Kris, déi mer elo amgaange sinn ze bewältigen, déi méi effizient schaffen, an do-duerch och hire Produkter en aneren Niveau de qualité kënne bidden. Well de Konsument, souwuel am B2C wéi am B2B, ass ewell opmierksam dorop iwwert d'Aart a Weis och wéi e Betrib funktionéiert, och wéi e Betrib selwer probéiert, seng Responsabilitéit an deem Domän wouerzehuelen.

Et ass richtig, dass an deem Gesetz eng Rei Kann-Bestëmmungen dra sinn. Déi sinn och noutwendeg. Dat hei Gesetz ass keen anert a senger grousser Ausriichtung wéi déi, déi mer scho par ailleurs hunn. An duerfir solle mer eis an der Philosophie do net elo wäit ewechbewegen.

Dee Ministère, deem ech elo dierf virstoen, deen huet säit Jorzéngten Erfahrung a Subventioun mat Betriber a weess, dass déi Peut-Klausel noutwendeg ass. Dee weess och, dass et noutwendeg ass, dass ee ka speziell Oplage maachen. Och wann dat deen een oder deen anere mag erstaunen, mä dat ass noutwendeg. Do wëll ech soen, ech kéint ëmmer schëm Beispiller zitieren, wou et ouni dat ewechgeworfent Geld gewiescht wär.

Ech mengen, dat ass och an de Gespréicher jo elo an der Kommissioun wäitgehendst verstane ginn. An ech mengen och, dass de Fait, dass hei de Finanzminister zesumme mam Ekonomiesminister dat do ënnerschreift, bis elo nach net Ulass ginn huet zu gréisser Retarden.

Mir hunn e Guichet unique, dat ass de Wirtschaftsministère. Do gitt Der eran. Et ass do, wou Der higitt, wann Der iergendwéi nei Froen hutt. Et ass do, wou Ären Dossier behandelt gëtt. Et ass do och herno, wou déi Kommissioun siégéiert, wou eng ganz Rei Ministère setzen, déi jo e Gutachten ofginn iwwert dat do an e Gutachten, un dat de Minister sech hält.

An de Finanzminister ass u sech deen, deen herno duerch seng Ënnerschrëft bekundet, dass en dat och sënnavoll ënnerstëtzt. Hien ass net un der Ausaarbechtung bedeelegt. Firwat? Ma well et eng technesch Matière ass, déi vum Wirtschaftsministère wouergeholl gëtt. An duerfir kritt et och kee Retard, de Fait, dass mer do zwou Ënnerschrëften hunn, well déi benoutwendegen nu wierklech net vill Zäit. Esou dass ech mengen, mer domadder gutt liewe kënnen.

Et ass gefrot ginn: Firwat nach ëmmer déi Méiglechkeet, dass ee bei zwou Ministère ka goen? Ouni dass ech an den Detail gi vu menger Meenung, mä ech verstoppe jo net, dass ech ëmmer an éiweg der Meenung war, dass déi zwee Ministère zesummegehéieren. Ech bleiwen där Meenung. D'Regierung huet eppes anescht am Moment an de Koalitiounsverhandlungen duergestallt. An duerfir muss ech mech eben dorunner halen. Mä et ass awer net e Grond, dass ech dat mat grousser Begeeschterung maachen.

Mir hätte ganz vill Diskussiounen manner a mär hätten och vill aner Schwierigkeeten manner, wa mer dat anescht ugaange wäeren. Ma bon, mir sinn eng... Et gëtt eng Koalitiounsregierung, an do hält och e Minister sech un dat, wat do décidéiert ginn ass; och wann dat him net an de Krom passt.

(Interruption)

Neen, ech hunn déi zwou Hänn heibausen.

(Hilarité)

Den Här Eischen huet gefrot, ob mir dann net iergendwou eng Ulaftell hätten, wou d'Betriber déi noutwendeg Rotschléi kréichen, Conseilen an esou weider. Ech muss elo wierklech soen, dass, wann et ëm d'Betriber geet, zumindest och gréisser Betriber, da mengen ech, do gëtt et de Privatsécteur, wou et spezialiséiert Büroe gëtt. An d'Betriber si gebieden, sech dohinner ze wenden.

Ech mengen, si wende sech un eis, wa se net kloer wëssen, wéi et mat de Subventiounen gegebenfalls ass. Mä ech mengen, et ass net um Stat an net un engem Ministère sech wierklech anzemëschen an dat, wat d'Privatbranche am Moment, géif ech behaupten, relativ gutt mécht.

Fir Kleng- a Mëttelbetriber, fir kleng Handwerksbetriber, do gëtt et jo ëmmer d'Méi-

glechkeet, wann et net e komplizéierte Prozess ass, nach bei der Energieagence, déi och Méiglechkeeten huet, lech ze beroden, oder da bei „my energy“, wat awer dann op engem Niveau ass, deen, mengen ech, fir deen Zweck hei vläicht awer ze vill iwwerflächlech nach ass. Mä awer en éischte Kontakt kënne se roueg do huelen, Informatiounen.

Si kréien der bei der Energieagence, wa se wëllen. Mä, ech mengen, duerno kënne se bei eis kommen, wann nach Onkloerheet ass an der Prozedur, an der Aart a Weis sech unzeleeën. Mä wann et awer dann op de Prozess ukënnt an ëm Technologie, déi ze verwenden ass, da fannen ech, da gëtt et eben d'Büroen, déi spezialiséiert sinn. An déi sinn och besser outilléiert, dann dat ze maachen.

Dir hutt och gefrot, den Niveau vun der Subventioun; an den Här Kox war esou gentil, mir déi Äntwert ewechzehuelen. Ech soe esou gentil, well ech hat se net haut bei mer. An ech si frou, dass Dir déi genannt hutt.

Et gëtt e Grond, firwat dass effektiv dat esou dramatesch erofgaangen ass an op eemol dat lescht Joer iwwerhaapt näischt ausbezuelet ginn ass. Dat huet näischt mat de Betriber ze ginn; et huet och näischt mat der Promotioun bei de Betriber ze dinn. Mä dat Gesetz hat eng ganz staark Onsécherheet. An déi Onsécherheet louch um Niveau vun der Aide d'État. A mir hatten...

Jo! Mir hunn iwwer e Joer gewaart bei der Kommissioun, fir iwwerhaapt emol den „Go“ ze kréie fir dat, wat mer hei maachen. An do virdrun - wëll ech lech drun erënneren, Här Kox, Dir wësst dat och -, net nëmmen am Fonds de compensation hate mer dee Problem, wou mer jorelaang verhandelt hunn an net woussten, ob mer net retroaktiv de Leit missten d'Suen zréckfroen.

Ech woen net ze bedenken, wat geschitt wär, wa mer réckwierkend bis an den Ufank 2000 de Leit hätte missen d'Suen zréckfroen, well Elementer dra waren, déi d'Kommissioun net akzeptéiert huet. Dat hu mer elo mëttlerweil behuewen; glécklecherweis soen ech.

Ech muss soen, ech hat Schweesspären op der Stir, well ech Angscht hat, et kéint anescht ausgoen. Dat wëll ech lech soen.

(Interruption)

An ech sinn, an ech muss soen...

Wat mengt Der, Här Gira?

► **Une voix.**- Maacht elo eppes fir déi kleng Leit.

► **M. Camille Gira (déi gréng).**- Da kënne mer et elo méi équitable maachen.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech kommen nach op Äert Équitable zréck. Well heiansdo sot Der gläich, heiansdo équitable; et weess een net richtig, wat Der mengt.

(Interruption)

Jo, jo. Ech kommen nach dorop zréck.

Mä duerfir ass et och esou, dass mir ee Moment gesot hunn: Mir wëllen am Moment näischt ausbezuelen. Dir dierft net vergiessen, dass och, wa mir - hardi, petit - décidéieren, als Ministère eng Hëllef ausbezuelen, a wann et sech herno erausstellt, dass dat eng Aide d'État ass, déi net erlaabt war, dann ass et net de Ministère, dee geklaakt gëtt, dann ass et net de Ministère, deen zréckbezilt, mä dann ass et de Betrib, deen zréckbezilt.

A mir haten déi Onsécherheet. An duerfir hu mer drop verzicht. Jo, mir hunn drop verzicht, nach weider Saachen ausbezuelen, well mer vun engem gewëssene Moment aus un net méi richtig woussten, wat d'Kommissioun eis géif erlaben a wat se eis net géif erlaben. An duerfir kënnt déi Chute.

Ech hoffen, dass dat elo anescht gëtt. Mir hunn eng relativ gutt Experienz gehat elo beim Gesetz iwwert d'Recherche an d'Innovatioun, wou mer eng gréisser Manifestatioun an der Chambre de Commerce hatten - déi war gerammelt voll - an duerno eng Rei Workshops. Datselwecht wëlle mer heimadder maachen.

Ech mengen, mir müssen och de Betriber dat hei wierklech virstellen, och fir Kloer-



heet ze schaaften. Wat ass den Élement d'aide? Dee läit am Differenzial, wat ech méi maache wéi dat, wat souwisou gefrot ass. An do ginn heiansdo, mengen ech, d'Meenungen an de Käpp vun de Leit schif, well déi mengen, si kréiche 40% op allem, wat se maachen. An dat ass e bësse méi komplizéiert. An duerfir, mengen ech, ass déi Opklärung, déi mer probéiert hatten, bei der Recherche an der Innovatioun ze maachen, dann och elo hei noutwendeg.

Den Här Bauler huet gefrot fir verbëllegt Kreditter, wann ech richtig verstanen hat, bei der SNCI an esou weider. Dir dierft net vergiessen, alles, wat d'SNCI mécht, ass och eng Aide d'État, dat heescht, gëtt ugerechent un dat hei. Et kann een also net elo opgrond vun dësem Gesetz beispillsweis eng Subventioun ginn an dann nach en Élement d'aide iwwert d'SNCI ginn. Deen Élement d'aide gëtt derbäigerechent.

Ech hat och sengerzäit proposéiert, dass mer eng zentral Stell géife schafen, déi all déi Froen do géif begutachten a soen: Hei gi mer iwwert dat eraus, wat d'Aide-d'État-Reglementatioun virgesäit, an hei net.

Et ass gemengt ginn, dat géif ze vill e bürokrateschen Opwand ginn. Moi, je veux bien. Mä wann awer dezentral vill Hëllef kënnen ausbezuelen ginn, dann ass et ni auszuschléissen, dass d'Zomm vun deem Ganzen iwwert den Niveau erausgeet, deen erlaabt ass. An ech warnen do virdrun.

Ech probéieren op alle Fall an eise Ministeren souwäit wéi méiglech en Iwwerbléck ze behalen, wat nach kann ausbezuelen ginn op anere Plazen, fir nozefroen. Mä eng absolut Garantie hunn ech net. Ech hätt léiwer, mir hätten eng zentral Stell, wou déi Saache gemellt géife ginn, déi een ausbezuelen, a wou een einfach d'Zomm dovunner géif maachen, fir sécher ze sinn, dass een net driwwer läit.

Dat kënnt nach vläicht eng Kéier. Ech mengen, dee klengen Niveau vu Bürokratie, dee mer do géifen erabréngen, deen de Betriber net géif schueden, mä dat héchstens e Problem wär ënner Administratiounen, dee wär ze verkraaften, well e géif verhënneren, dass do Problemer kéinten optrieden.

Déi Kritären, déi den Här Kox gesot huet, déi e bësse vag wäeren: Ech hunn lech gesot, mir hunn Erfahrung domadder an duerfir hu mer et ugepasst un all déi aner Aiden an Aide-Formen, déi mer hunn, well mer gutt Erfahrungen domadder hunn. A bis elo kann ech mech net erënneren, dass d'Betriber sech grouss beklot hätten iwwert d'Aiden, déi se am Wirtschaftsministerium kruten.

Mir lande mat deene Froen net viru Geriicht, mir landen net beim Médiateur, mir landen net an der Press.

(Interruption)

Jo! Dat ass awer e klengt Zeechen, dass dat mat ganz groussen Fangerspëtzegefäll gemaach gëtt. Wann Dir elo gäre op eemol Kritäre mat een, zwee, dräi, véier aféiert, wou null Flexibilitéit ass, da wëll ech dat lech iwwerloossen deen Dag, wou Der d'Responsabilitéit hei hutt. Fir de Moment fueren ech esou weider, wéi och Eenzelner vu menge Virgänger dat gemaach hunn; an dat mat Succès, well soss hätte mer vill méi Problemer an deem dote Beräich krut.

Ech erhoffe mer wierklech en neien Usatz an de Betriber, fir méi wäit ze goe wéi dat, wat just erfuerdert ass per Gesetz a per Reglement iwwert dat hei. Ech hoffen och, dass mer de groussen Zousproch kréien um Niveau vun den Erklärungen, déi mer hinnen elo wëllen zoukomme loossen, dass et net duergeet, dass mer erklären, mä dass se sech och iwwerzeege loossen.

An da bleiwen am Fong geholl just nach Är Iwwerleeungen iwwert de Fonds de compensation, déi a mengen Aen zwar net hei erapassen. Déi net hei erapassen a mengen Aen, well et en anere Sujet ass, awer wierklech e ganz anere Sujet. Ech verstinn, dass Dir vläicht eng Gläichbehandlung vun Industrie/Privatleit an esou hätt.

Mä ech wëll lech just soen: 2001 ass dat agefouert ginn. Do ass et eng Kategorie A a B ginn. 2005 ënner menger Responsabilitéit ass et eng Kategorie C ginn. Bis

dohinner huet d'Industrie net bezuelt. Si ass also do mat erakomm. Mir hunn also viru kuerzem eréischt derfir gesuergt, dass och d'Industrie hir Contributioun mécht.

Ech soen lech direkt: Ech wëll net méi wäit goe wéi dat, wat am Moment do ass. An aus deem ganz einfache Grond: Wa mir nach gär weider hei Industrie a Produktioun behalen - an do sinn eenzel Betriber, dat sinn der eben, déi hunn eng grouss Noutwendegkeet vun Elektrizitéit -, dann ass et ganz kloer, dass mir och mussen oppassen, dass mer weiderhi kompetitiv bleiwen.

Wann Dir wëllt, dass d'Wierker vun ArcelorMittal, déi funktionéiere mat Elektresch, zougemaach ginn, da musse mer wierklech kucken, dass eng Gläichbehandlung tëschent Konsument, klengem Betrib, an engem Betrib, dee ganz vill konsuméiert, kënnt. Da garantéieren ech lech, da mécht nach méi wéi ee grouse Betrib hei zou.

Ech soen lech elo schonn, dass ech net domat d'accord sinn an dass ech dat och net wäert ënnerstëtzen. Ech sinn awer bereet, Här Kox, well dat hei menger Meenung no net an de Kontext passt hei, dass mer eng Diskussioun an der Kommissioun féieren.

► **M. le Président.**- Erlaabt Der, datt den Här Kox lech eng Fro stellt.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech kann dem Här Kox ni net erlaben, mir eng Fro ze stellen. Dat gëtt et jo net.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Ma et huet ganz vill mat dësem Gesetz ze dinne, well iwwert dëst Gesetz industriell Cogénératioun subventionéiert ginn. An de Fonds de compensation, deen zesummegesat gëtt, déi Käschten, déi do entstinn, entstinn zu 80% iwwert d'Cogénératiounen. An dann ass et eng intellektuell Eierleckeet och eng Kéier iwwert d'Käschtenopdeeling ze schwätzen.

Et ka jo awer net sinn, dass just d'Kategorie A fir de ganze Beräich vun dem Fonds de compensation opkënnt, an och den 80%egen Undeel vun de Cogénératiounen deelt. Ech sinn dermat averstanen, dass mer nach eng Kéier déif gräifend dermat diskutéieren, awer et kann awer net sinn, dass de Klengen och d'Käschte vun de Cogénératiounen dréit, déi deels vun der Industrie gemaach ginn an deels Wäermt doriwwer bezieen.

Dat heescht, dass déi kleng Leit u sech d'Quersubventionéierung vun der Hëtzt vun de Betriber maachen. An duerfir huet dat hei mat deem Gesetz ze dinne, well iwwert dëst Gesetz d'Cogénératioun subventionéiert ginn.

► **Une voix.**- Très bien.

► **M. Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur.**- Ech wär frou gewiescht, wann dat do Är Analys ass - wat meng net ass; mais enfin, déi kann een deelen -, wann Der da gefrot hätt, an der Kommissioun emol doriwwer ze schwätzen. Ech ginn hei konfrontéiert haut... Neen, neen! Ech gi konfrontéiert haut domat. Wann dat dozou gehéiert hätt, sinn ech der Meenung, dass d'Kommissioun hätt sollen driwwer diskutéieren; et sief dann, de Message ass net bis bei mech komm. Mä ech hunn dat net gewosst.

Ech kommen awer gär eng Kéier bei lech, well d'Affär ass llicht méi komplizéiert wéi Dir et maacht. Ech sinn da gäre bereet, mat lech driwwer ze diskutéieren, well et ass d'Cogénératioun, déi effektiv de gréissten Deel opfrësst.

Mä ech wëll lech awer och soen, dass mer - Dir hutt d'Chiffere genannt - elo fir 2010 bei Surcoüten, déi mer kruten...

(Interruption)

Jo! Mir landen elo bei 31 Milliounen. Also Dir erkläert dann awer och dem Consommateur, deen elo ze bezuelen huet, elo dee Surcoût, deen do komm ass, an dass deen op hien ofgewälzt gëtt. Dann erkläert Der him och, wéi sou de Gros vun de Bénéficiairen awer Gemeenge sinn; Gemengen, déi an der Cogénératioun schaffen.

Also, wann Dir d'Proposition maacht, fir dass ech am Fonds de compensation d'Gemengen, déi jo awer d'öffentlech Hand duerstellen a wou ech awer nu kann der-vun ausgoen, dass se dat selwer droen,

dass déi net méi brauchen déi Subventionéierung iwwert den Tarif ze kréien, do sinn ech direkt mat lech d'accord.

Also, wann Der dat proposéiert, sinn ech direkt dermat d'accord. Do hëllef mer ganz... Ech weess, hei gëtt et vill Leit, déi an de Gemengen aktiv sinn, mä da schwätzt mat deem jonke Mënsch do, deen a Richtung vun där doter...

(Interruption)

Ah jo! Also, wann ee wëllt logesch sinn... Entweder schwätze mer hei vun Industrie oder mir schwätze vu Gemengen. De Gros vun der Cogénératioun gëtt iwwer Gemenge gemaach. Wann Der also e Problem mat der Cogénératioun hutt,...

(Interruption)

...dat fannen ech berechtigt, mä da schwätze mer iwwert den Impakt bei de Gemengen.

Mä Dir gesitt, Här Kox, ech mengen, et ass e bësse méi komplex, wéi weder Dir an ech dat hei elo duergestallt hunn. Duerfir wär ech der Meenung, mir sollen dat do eng Kéier op eng équitabel Aart a Weis - wéi Dir dat nennt - um Niveau vun der Kommissioun maachen. Da kréie mer haut kee Sträit, an da kënne mer haut zesummen dee Projet hei stëmmen.

An ech soen lech op alle Fall Merci. An ech versprechen, dass ech dann och laanschtkommen, fir doriwwer ze schwätzen, awer da mat Chiffres à l'appui, déi ech haut leider net bei mer hunn.

► **M. le Président.**- Sou! Domadder wär d'Diskussioun ofgeschloss, a mir kommen... Den Här Kox kritt dann nach eng Kéier d'Wuert.

► **M. Henri Kox (déi gréng).**- Bon, ech kéint elo och nach vill iwwert déi eenzel Zuele schwätzen, mä ech ginn... Et huet... Neen, ech huelen déi Propos un, fir an der Kommissioun, wann dat geet, Här President, an da stellen ech dat zum Vote oder wéi och ëmmer, dass een d'Motioun an d'Kommissioun verweist an dass mer do eng Kéier do driwwer diskutéieren, an da Chiffres à l'appui.

Ech mengen, do gëtt et ganz kontrovers Vuen iwwert d'Opdeeling vun deene Käschten. Et sinn net eleng d'Gemengen, déi Käschten hunn. Awer d'Industrie huet och e ganz groussen Undeel un deene Käschten. An dat wär emol schéin ze gesinn, an da kéint een nach eng Kéier iwwert déi Käschtenopdeeling schwätzen.

► **M. le Président.**- Sou! Ech hu verstan, Här Kox. Dir proposéiert Är Motioun an d'Kommissioun ze verweisen. Ech géif elo emol virschloen, datt mer fir d'éischt iwwert de Projet ofstëmmen, an da komme mer zu der Motioun.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

Ech géif dann elo soen, datt d'Ofstëmmen ufänkt. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden (par Mme Christine Doerner), Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher (par Mme Nancy Arendt), Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Haupt, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf (par Mme Martine Mergen), Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber, Lucien Weiler (par M. Félix Eischen), Raymond Weydert et Michel Wolter (par M. Lucien Thiel);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Ben Fayot), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux (par M. Roger Negri), Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helming, Claude Meisch (par M. Carlo Wagner), Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombara, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Motion 1

Da kéime mer zu der Motioun vum Här Kox, deen hei proposéiert, seng Motioun an déi zoustänneg Kommissioun ze renvoyéieren.

Kritt dat den Accord hei vum Plenum?

(Assentiment)

Dat schéngt esou de Fall ze sinn. Da wär dat och domadden décidéiert.

Als leschte Punkt vum Ordre du jour vun haut hu mer d'Interpellatioun vun der Madame Brasseur iwwert de Chantier vum Musée de la Forteresse an de Projet de loi 6071 och iwwert de Musée de la Forteresse. Et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: den Här Haupt, den Här Angel, den Här Adam an den Här Kartheiser. An d'Wuert huet elo d'Interpellantin, d'Madame Anne Brasseur. Madame Brasseur, Dir hutt d'Wuert.

6. Interpellation de Mme Anne Brasseur au sujet du chantier du Musée de la Forteresse

et

6071 - Projet de loi relatif aux mesures d'achèvement

- du Musée de la Forteresse de Luxembourg dans le réduit du Fort Thüngen, et

- de la mise en valeur de certaines parties de la forteresse du Luxembourg

Exposé

► **Mme Anne Brasseur (DP), interpellatrice.**- Här President, Dir Dammen, Dir Hären, a manner wéi engem Mount feiere mer den 13. Gebuertsdag. Den 13. Gebuertsdag vum Vote, dee mer hei geholl hunn iwwert de Musée op den Dräi Echehlen, iwwert de Festungsmusée. E Gesetz, wat 16,5 Milliounen Euro virgesinn huet.

Beim 13. Gebuertsdag huet awer de Musée seng Dieren nach net op, an de Gesamtkäschtepunkt beleeft sech elo op 41.380.693 Euro. Dat ass eng Progressioun vun 150%! 150% kascht et also méi, wéi mer virun 13 Joer hei zesummen décidéiert hunn.

(Interruption)

Dobäi kommen awer nach 200.000 Euro eleng un Entretiens- a Reparaturaarbechten, déi elo schonn hei ugefall sinn. Da komme Frais de fonctionnement derbäi. Déi hu sech tëschent 2000 bis 2006 op 391.000 Euro belaf, an d'Personalfrais, déi vun 2007 un 350.000 Euro pro Joer bedroen hunn. Well et schafft scho Personal do an engem Musée, deen nach ëmmer zou ass; mä e Gebai, wat awer scho viru siwe Joer fäerdeg gestallt ginn ass. D'Gebai en tant que tel ass also prett.

(Mme Lydie Polfer prend la présidence.)

Ob déi enorm héich Zommen, vun deenen ech geschwat hunn, awer elo duerginn, dat ass meng Fro un d'Madame Minister, well se jo deemools als Statssekretär den 8. August 2007 geschriwwen - an ech zitéieren -: „qu'il n'est pas exclu que les décomptes financiers me soumis à ce jour ne soient exhaustifs, voire exacts“. Do kann een nëmme soen: Wat eng Mëscht! Et wor effektiv eng enorm Mëscht, déi 2007 do virlouch, well d'Madame Statssekretär selwer net wosst, ob déi Konten dann elo richtig wäeren an ob se exhaustiv wäeren.

(Interruption)